



**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, an der Madamm
Ëmweltministesch, Joëlle Welfring, op d'parlamentaresch Fro n°5873 vum honorabelen Deputéierte
Marc Goergen zum Sujet "Institut National de Formation des Secours"**

Den Terrain, deen aktiv vum CGDIS genotzt gëtt, läit säit ëmmer, a bleift an Zukunft, an der Gréngzon. Vu dass hei de Liewensraum vu geschützten Aarten dokumentéiert ass, gouf dës Zon och als Natura2000-Schutzgebitt klasséiert.

¾ vun den zu Lëtzebuerg nogewisene Fliedermausaarte kommen hei am Gebitt ronderëm den Dolomit-Stolle vir. Dat weist, wéi extrem villfälteg a wichteg dës Site ass. Sollt den INFS eng Kéier op en anere Site plënnere, géif sech d'naturlecht Ëmfeld nees an den initialen Zoustand zrëckverwandelen.

De Fortbestand vun den Übungen um Site ass duerch d'Gestioun vum CGDIS als Intérêt public ofgeséichert. Aktuell gëtt op Basis vum bestehende Management-Plang zesummen a Richtung vun enger Autorisatioun geschafft, déi souwuel dem Schutz vum Gebitt wéi och der nationaler Bedeitung vun der CGDIS-Ausbildung Rechnung dréit.

Der Regierung ass iwwerdeems net bekannt, datt de CGDIS net méi um Trainingsterrain zu Waasserbëlleg wéilt festhalen.

Vu datt de CGDIS en autonomen Etablissement public ass an d'Inneministesch net an den alldeegleche Fonctionnement vum CGDIS agräift, kann d'Regierung och keng Stellung zum Fonctionnement an der Organisatioun vun de Formatiounen huelen.

Opgrond vum Artikel 28 vum modifizéierte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwert d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet ass d'Direction médicale et de la santé (DMS) vum CGDIS zoustänneg fir d'Hygiène an d'Aarbechtssécherheet beim CGDIS.

D'Hygiène an d'Sécherheetskoncepter vum CGDIS baséieren ënner anerem op de Recommandatiounen vun der Association d'assurance accident (AAA). De Service vun der Preventioun vun der AAA zielt, nieft der Informatioun, der Berodung an der Formatioun, och d'Kontroll an d'Iwwerwaache vun de legalen a reglementaire Bestëmmungen am Beräich *Sécurité et Santé au Travail* zu senge Missiounen. D'AAA ass konsequenterweis och zoustänneg, fir d'Aarbechts- an Hygiènesbedingungen um Site vu Waasserbëlleg kënnen ze kontrolléieren.

Lëtzebuerg, de 03/05/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding